# Comité FLERA 20/1/ 2014

Do:Yoo Ja L;;Romain R.;Lars M.,Jacques L.;Eugène B.;.Claude W.,
Entschëllegt:Fernand K. .,Gilbert S.,Manette O.

1)Leschten rapport ugehol,Ennerungen Punkt 8+9 beigesaat um rapport vun der Réunioun mat der Coque vum 15.1)

2)Courrier: A)Den Eugène krut Kandidaturen vun Comiteesmemberen vum KKH an VSL
B) COSL:+ AG den 15.3.2014 am Tramschapp;Jacques a Yoo Ja vertrieden eis
++Facturen:-126Euros fir Photocopien-> GAL
-1200Euros Casco 2013
-500Euros locatioun COSL-Auto(200EurosEM iwerhelt FLERA),dat aanert sin Daten vum Championnat de Lorraine(Départemental an Interrégional),wou nëmmen Memberen vum Nationalkader woren(Hier Resultater 3x éischt Plaatz fir Aurélie,1xGold1xSelwer Joe,1xGold1xSelwer Louis,1xGold Julian,2xBronze Leandro asw...),si mussen dat selwer bezuelen well dat sinn Selektiounscompétitiounen;den Nationaltrainer hat also net offiziell do ze sinn(hien war do onengeldlech),Hien muss also déi 300Euros mat den Kloterer deelen décidéiert den FLERA-Comitee 5Stemmen gengt eng-Bravo!
-Memberscotisatioun 2013(ass déi net bezuelt hu mer keen droit de vote den 15.3.op der COSL-AG,déi Rechnung ass am Juli 2013 eragang an nach net bezuelt;
+++COSL/ALAD ass eng personne de liaison ze désignéieren aus der Compétitiounscomissioun Yoo Ja bekemmert sech drem ,déi Persoun informéiert dann ALAD iwert eis Compétitiounsdaten,an stellt secher dat eng salle d'attente eng 10Still an Toiletten do sinn fir een eventuellen Kontroll
C)29/5Spillfest Kockelscheier?Klammwand?Keen Interessent vun eis do matzemaan
D)GAL:Bedenken dat fir si eng UIAA Membership obligatoresch bleiwt,wat mir jo och wöllen,ma mir mussen kucken wéi mer dat bezuelen ,bei2000Dollar/Joer-nierwend der IFSC-Cotisatioun2000Euros-den Eugène huet heizou een Bréif un den Sportsministär geschriwwen fir déi international Cotisatiounen ze iwerhuelen oder iwert en extra subside ze hellefen ze bezuelen
E)Facturen-2000Euros IFSC membership2014
-Tom Dieschbourg krit seng Traininger bezuelt nodeems en offiziell gewielt gouf;ab haut zielt dat awer net méi well FLERA him keen Kontrakt get(c.f.Punkt3)

3)Nationaltrainer:Mir hun den Tom Dieschbourg,deem sein CV den Comité ze liesen krut,wou kloer drann stong dat hien een C-Diplom Breitensport vum DAV(Deutscher Alpinisten Verband)huet,mat 5Jo an 2 Enthalungen den 14November am Comité als Nationaltrainer bestëmmt;den Claude sollt den neien Trainer informéieren esouschnell ewei méiglech unzefänken,well déi éischt Compétitiounen virun der Diir stengen;d'CompétitiounsCommissioun sollt een Kontrakt mat Jobdescription präparéieren,deen YooJa haut virleet:aplaatz « Contrat de travail à durée déterminée »,nennen mer en » Accord de prestation »,wou dem Trainer seng Chargen a Pflichten ,Rémunératioun a Résiliation erwähnt sinnAuerzait muss geännert ginn a soll heeschen 16.30-20.30,an eng Klausel mat budget op der 2ter Sait muss rediskutéiert ginn;den Eugène seet dat den C-Diplom Breitensport vum DAV net duergeet ,et misst deen C-Wettkampfsport-schain sinn,den President kéint deen net esou

ënnerschreiwen;5Memberen deelen seng Meenung,een ass dogengt.T'Fro vum Nationaltrainer soll bis Abrëll geklärt sinn,woubai een gemengt hat am Abrëll wier den Problem deen nämlechten;den Accord de prestation sollt dann vum 1.4.bis den 30.9.2014gëllen;den Eugène seet dem Tom D. bescheed an mir invitéieren hien an den nächsten Comitee,no der A.G.den5.2. Domat sinn Sportler elo nees aleng op sech gestallt,kenn Nationaltrainer/training,wou mer déi lescht 3 Joer gesoot hun,d'nächst Joer mache mer et besser;dest Joer hate mer et bal ereecht.Vive de Sport,vive FLERA,

4)Critères de sélection fir Nationalkader gesait fir Enn Mäerz d'équipe zesummenzestellen no der Landesmeeschterschaft;well awer Compétitioun zu Frankenthal am September ass zielt des Kéier déi vun 2013,respektiv déi vun 2014 zielt fir 2015 asw fir Punktenauswertung.En aaneren Punkt misst verbessert ginn op der éischter Sait bei der Plaatz(premier Tiers ou podium!?)Mir haten z.b.Aurélie bei de Juniorinnen dat ass 3t ginn vu 6,et wor zwar um Podium ass fantastesch geklomm awer kritt keen Punkt->à revoir,

5)Landesmeeschterschaft definitiv den 9ten fir Kategorien D/C an den 16ten fir B/A/Jun/Sen/Vet,,den Claude seet an der Coque bescheed;mir braichten 6 Voiën fir 2 Qualifikatiounen an den Volker sollt déi 2 Finalen schrauwen 7a+ Meedercher an 7c fir Jongen,am budget haten mer 3200euros virgesinn an 2000 réel verbraucht;den Eugène schwätzt mam Volker heiriwwer,wat et elo n der Coque géif kaschten,

6)Mam Lars kucken mer iwert den Budget écoulé a prévisionnel-cf am zukünftegen Rapport vun der AG-well nach e puer Saachen feelen-eng kuerz Diskussioun iwert eng eventuel participation aux frais fir d'Athleten vun der FLERA,esou ewei mer d'lescht Joer gemaach hunn ounéi AG ze froen,woren 2 Leit éischter waarm dofiir déi aaner net esou,ausser et géif een vun den Klib déi demande formuléieren dat mer op der AG diskutéieren

7)Op der AG missten mer op d'Proposen vum GAL reagéieren wat UIAA membership ugeet

8)Nächsten Comitee den 5.Februar;a virdrun eis GV,den 30ten um 16Auer

Schéi Gréiss,Claude Weber